

REÇU
Par Aiff Christian, 07:35, 19/01/2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

D'Madamm Buergermeeschtesch vun der Stad Lëtzebuerg, Lydie Polfer, huet den 15. Januar am Kontext mat der Onsécherheet am Garer Quartier an engem Interview op RTL Radio Folgendes gesot:


„Déi allermeeschste Leit, Dir hutt vum Abridado geschwat, déi allermeeschste Leit, déi do sinn, déi hu mat der Stad Lëtzebuerg a souguer mat dem Land näischt ze dinn.“

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ginn et an deem Kontext Statistiken oder Aschätzungen, wéi vill vun den Abridado-Benotzer aus Lëtzebuerg sinn
 - oder eng Kéier zu Lëtzebuerg gewonnen hunn
 - oder zu Lëtzebuerg gebuer sinn
 - oder d'Lëtzebuurger Nationalitéit hunn?
2. Sollt et keng Statistiken oder Aschätzung ginn, weess den Här Minister, wéi d'Madamm Buergermeeschtesch dorop kënnt?
3. Wéi steet de Minister zu der Ausso vun der Madamm Buergermeeschtesch? Gëtt hien hier an der Analys Recht?
4. Ass Drogentourismus (also Ausländer, déi op Lëtzebuerg kommen, fir hei Drogen ze kafen an/oder ze verkafen) an den Ae vum Här Minister e Problem zu Lëtzebuerg?
5. Wéi geet den Här Minister géint den Drogentourismus vir?
6. Grad bei der Opklärung vu Strofdoten, déi mat Drogekriminalitéit a Verbindung stinn, ass et wichteg ze wëssen, vu wou déi Leit hierkommen, fir esou kënnen méi effikass a grenziwwerschreidend virzegoen.
Kann de Minister eis am Hibleck op d'Strofdoten, déi um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg am Joer 2019 begaange goufen - an nach méi prezis, wat Strofdoten am Kontext mat Droge betrëfft - soen,
 - wéi vill Täter dovun um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg wunnen,

- wéi d'Opdeelung bei den Täter opgeschlësselt no der Nationalitéit ass,
- wéi d'Opdeelung vun den Täter opgeschlësselt no de Länner ass, wou d'Täter wunnen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized representation of the name 'Fred Keup'.

Fred Keup
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 19 janvier 2021

Objet : Question parlementaire n° 3474 du 19.01.2021 de Monsieur le Député Fred Keup - Tourisme de la drogue

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés